

MM. Pim Knaff (par Mme Barbara Agostino), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par Mme Francine Closener), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

8. 8109 – Projet de loi portant modification de :

1^o la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat ;

2^o la loi modifiée du 7 novembre 1996 portant organisation des juridictions de l'ordre administratif ;

3^o la loi modifiée du 21 juin 1999 portant règlement de procédure devant les juridictions administratives ;

en vue du renforcement des effectifs de la justice administrative et de la numérisation des procédures urgentes devant le tribunal administratif

Als nächste Punkt um Ordre du jour steet de Projet de loi 8109 iwwert d'Ëmsetzung vum Projet „Paperless Justice“ am Kader vun der Digitalisatioun vum de Gerichtsprozeduren. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An de Rapporteur vum deemem Projet de loi ass – wéi kéint et anescht sinn? – den honorabelen Här Charles Margue. Här Margue, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de la Justice

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, ech mengen, et ass de leschte Rapport, wann ech richtig informéiert sinn, fir haut bei mir. E weidert Gesetz rapportéiere mer am Kader vum Digitaliséierungsprozess vum der Justiz, e Projet, deen och „Paperless Justice“ genannt gëtt.

De Projet de loi 8109 gouf den 1. Dezember 2022 vum der Justizministesch Sam Tanson deposéiert. Den 22. Mäerz war en an der Justizkommissioun an de Rapporteur gouf bestëmmt. Den Avis vum Staatsrot krute mer den 31. Mäerz dëst Joer an d'Kommissioun huet sech den 19. Abrëll dermat befaasst an e puer Amendementen ugeholl an op den Instanzewege geschéckt. De 16. Mee huet de Staatsrot säin Zousazavis ginn. Mir hunn deen an der Justizkommissioun de 24. Mee analyséiert a konnte feststellen, dass de Staatsrot Gréng Luucht ginn huet vum Projet. De Rapport hu mer de 14. Juni dunn ugeholl.

Dëse Gesetzesprojet concernéiert d'Digitalisatioun vum administrative Prozeduren an der Justiz am Kader vum Projet „Paperless Justice“, och JUPAL genannt. Heimat setze mir eng éischter Etapp vun dëser Reform ëm a schafen dofir eng legal Basis. Et ass en Ufank, eng Base légale gëtt geschaaft fir alles, wat nach no-kënn, net just an deemem Gesetz.

Zousätzlech gëtt duerch dëse Gesetzestext derfir gesuergt, datt d'Conseils de l'ordre vum den zwee Barreaux zousätzlech Attributiounen zougedeelt kënnen kréien, nämlech d'Zertifizéiere vum elektronischen „espaces professionnels“ vum den Affekoten, fir sech op den Austauschplattformen kënnen unzemellen. Ausserdeem gëtt eng Basis geschaaft, fir weider Leit am administrative Beräich anzustellen.

D'Zil ass et, d'Kommunikatioun an den Austausch ënnert deene verschiddenen Acteuren am Justizberäich zu Lëtzebuerg, intern an extern, ze dematerialiséieren, also pabeierfräi ze maachen. Och gëtt e Referenzportal geschaaft, wou en Ensembl vum Initiativen dran ass, deen als Zil huet, Echanges a Form vum Pabeier step by step ze reduzéieren – also net vum haut op muer. Dëse Programm besteet am Ganzen aus 13 Projeten, déi parallel lafen an och ëmgesat ginn.

Kuerz zum Kontext: Am Kader vum engem Pilotprojet, deen an Ofstëmmung mat den zwee Barreaux an dem Verwaltungsgeriicht an d'Liewe geruff ginn ass, gouf decidéiert, an enger éischter Etapp d'Numeriséierung vum urgenten a méi einfache Prozeduren, dat heescht „sursis à exécution“ a „mesure de sauvegarde“, an d'Weeër ze leeden, fir esou unzefänken. All d'Modalitéiten an d'Programmation vum Pilotprojet sinn aktuell esou wäit avancéiert, datt et elo un der Zäit ass, déi gesetzlech Basis fir d'Ëmsetzung ze schafen.

An dann am Kader vum der mëttelfristeger Verallgemeinerung vum der Digitalisatioun vum allen Echanges vum der Verwaltungsgeriichter ass ze ënnersträichen, datt et wichteg ass, dës Prozedur no an no, étape par étape, unzegoen, well et geet ëm eng immens technesch komplex Matière. Et ass eng grouss Reform, déi och e Mentalitéitswandel mat sech bréngt oder besser gesot e Mentalitéitswandel erfuerdert.

Och bei der Requête introductive sollen all Dokumenter elektronesch vermëttelt ginn. Bei Dokumenter, déi confidentiel sinn oder schwéier digitaliséiert kënnen ginn, besteet trotz allem nach ëmmer d'Méiglechkeet, et a Pabeierform beim Greffe ze deposéieren.

Bei den Delaie gëllt ëmmer den Datum vum Depot op der Plattform an et leeft d'selwecht of wéi a Pabeierform. Den Dag huet 24 Stonnen an deem Fall. Den Telechargement ka 24/24 Stonne gemaach ginn. Nom Erofluende checkt de Greffe d'Donnéeën a kreéiert en Dossier.

De Conseil de l'ordre huet d'Aufgab, derfir ze suergen, datt den Tablo mat der Lëscht vum den Affekoten, déi zertifizéiert sinn, à jour gehale gëtt. Dat ass och erëm wichteg, fir dass een zouverlässeg weess, wien zertifizéierten a wien net zertifizéierten Affekot ass.

Virum der éischter Notzung vum der Plattform muss all Affekot – all Affekot! – säin „espace professionnel électronique“ offiziell ufroen. D'Demande gëtt da weidergeleet virum de Conseil de l'ordre, fir d'Zertifikatioun, also d'Identitéit, ze kontrolléieren.

De Projet de loi ännert dann och eng Rei Punkten a Relatioun mat der Organisatioun vum der Verwaltungsgeriichter. E puer nei Elementer:

Et gëtt en zweete Posten als Vizepräsident beim Verwaltungsgeriicht geschaf, awer dëst ab dem 16. September 2025.

D'Nominatioun vum alle Magistrate gëtt vum Grand-Duc op der Basis vum der Proposition vum Nationale Justizrot gemaach gëtt, deen och vum e Samschdeg op e Sonndeg da wäert a Kraaft trieden.

Den Tribunal administratif – lauschttert gutt! – kritt eelef nei Posten derbäi fir eng begrenzt Period vum

dräi Joer. D'Unzuel gëtt also vum 18 op 29 erhéicht. Domat sollen och d'Karriärspektive beim Tribunal administratif gläichzäiteg opgewäert ginn.

D'Unzuel vum de Kummere beim Tribunal administratif gëtt erhéicht vu véier op siwe fir eng Period vum dräi Joer. Hei si mer ënnerwee, fir eng Partie Retarde kënnen opzeschaffen.

D'Verwaltungsgeriicht kritt och d'Méiglechkeet, spezialiséiert Kummere ze schafe fir verschiddenen Typen vu Contentieux. Dës ginn all Joer nei determinéiert. D'Viraussetzung ass, dass d'Magistraten an deem betraffene Beräich – eng grouss Problematik hei zu Lëtzebuerg – spezialiséiert sinn. Zum Beispill soll eng Kummer geschaf ginn, déi op Immigratioun spezialiséiert ass, fir ënner anerem Affäre méi schnell evakuéieren ze kënnen an an der néideger Kohärenz vum der Jurisprudenz.

Dëst neit Gesetz wäert de 16. September 2023 a Kraaft trieden, dëst Joer also, also den éischten Dag vum Gerichtsjoer 2023/2024. Dës nei Prozedur zur Nominéierung an der Magistratur, déi trëtt, wéi gesot, den 1. Juli a Kraaft.

Awise krute mer, ausser deene vum Staatsrot, vum der Cour administrative a vum Barreau aus der Stad. Generell gouf an den Awise festgehalen, datt eng Digitaliséierung vum de Prozeduren indispensable fir d'Zukunft ass a follgendermoossen e Schratt an déi richteg Richtung. D'Awise waren all positiv, wat d'Zilsetzung vum Gesetz ugeet, an déi juristesche Remarken hunn et erlaabt, den Text ze verbesseren. Merci dofir! Domat sinn ech um Enn vum mengem mëndleche Rapport.

Wéi gesot, Detailer sinn am schrëftlechen an ech ginn, ier ech et vergiessen, den Accord vum der gréngeger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren. Voilà!

Plusieurs voix | Très bien!

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng), rapporteur | Dat war dee leschte fir haut.

M. François Benoy (déi gréng) | Merci, Charel!

M. Fernand Etgen, Président | An da kritt d'Wuert – och eng lescht Kéier fir haut – den Här Léon Gloden.

Plusieurs voix | O!

Mme Martine Hansen (CSV) | Et wees een ni!

Discussion générale

M. Léon Gloden (CSV) | Merci, Här President. Merci dem Charles Margue fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport. Dëse Projet de loi huet zwee wichteg Eckpunkten. Den éischten Eckpunkt ass och ëmmer erëm eng Fuerderung vum der CSV gewiescht, dat ass d'„Paperless Justice“. Peu à peu komme mer dohinner, Schrëtt fir Schrëtt. „Mühsam ernährt sich das Eichhörnchen... Eichhörnchen“, ...

(Hilarité)

... mee mir kommen dohin. Ech ginn net ze vill do-robber an, well ech sinn elo net de grouss Spezialist vum der „Paperless Justice“.

Den zweeten Eckpunkt – an deen ass gradesou wichteg –, dat ass d'Opstockung net nëmmen op der enger Säit vum der Magistrate bei de Juridictions administratives, mee och d'Opstockung vum der Chambere vum der Juridictions administratives, an dat geschitt net hauruck, mee dat geschitt iwwert déi nächst zwee, dräi Joer. An dobausse sinn d'Leit sech och vläicht net ëmmer bewosst: Den Tribunal administratif huet ganz vill

Kompetenzen. En ass zum Beispill zoustänneg fir dat, wat d'Leit dobaussen am meeschte kennen: fir PAP, PAG, Autorisations de construire. Si sinn zoustänneg fir den Droit de l'immigration. Si sinn zoustänneg fir Konkurrenzrecht, eng Matière, déi sech ëmmer méi developpéiert. Si sinn zoustänneg fir den Droit des marchés publics. Si sinn zoustänneg fir d'Fiskalitéit.

Dat sinn alles hautzudaags héich spezialiséiert Matière. A verschiddene Matière mussen ganz rapid Decisiounen falen, wéi zum Beispill am Fall vun engem Titre de séjour, Immigration. Do kann een net zwee Joer waarden, bis déi Decisioun gefall ass. Och zum Beispill am Konkurrenzrecht: Wat Der do méi laang waart, wat déi Situatioun sech jo méi amplifiéiert. Och bei de Baugeneemegungen: Natierlech, deen, deen e Recours mécht, hätt gär esou schnell wéi méiglech eng Decisioun. A mir hunn haut vill iwwer déi nei Verfassung geschwat. Mir hunn an der neier Verfassung och den Délai raisonnable bei de Juridictionen drastoen.

An dofir ass et extreem wichteg, datt mer souwuel d'Zuel vun de Magistraten opstocken an eeben och elo d'Méiglechkeet ginn, datt Chambres spécialisées kënnen geschaf gi bei de Juridictions administratives, fir eeben datt an där Chamber sech just mat deene Sujeten oder mat deem Domaine de droit kann ausereegesat ginn. Well et ass eng Utopie ze mengen – datt war viru 40 Joer vläicht richtig –, et ass haut utopesch ze mengen, datt een als Jurist, als Richter, als Affekot all Droitsmatière ka kennen. Mir ginn ëmmer méi an eng Spezialisatioun. Wat am Beruff vun den Affekote richtig ass, ass och richtig fir de Beruff vum Richter, an dofir gëtt d'CSV-Fraktioun hei den Accord.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Gloden. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Guy Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Merci och dem Här Margue fir säi Rapport. Fir eis ass deen heite Gesetzesprojekt ganz wichteg, well en eeben d'„Paperless Justice“ lues a lues erabréngt, an dat hei ass, wéi gesot, den éischte Schrëtt, deen awer net onwichteg ass.

De Léon Gloden huet och higewisen op d'Opstockung vun der Zuel vun de Richter an der Zuel vun de Kummeren. Wann ech bedenken, ech sinn elo gewuer ginn, dass an der Cour administrative d'appel verschidde Saachen, Affären op den Abrëll 2005 fixéiert gi sinn, datt heescht jo, dass wierklech do en Nachholbedarf ass an dass et wierklech ganz dréngend ass, dass do opgestockt gëtt. Ech hoffen, dass déi néideg Kandidaten sech stellen, fir dohinne kënnen agestellt ze ginn, wann d'Posten ausgeschriwwen ginn, an ech ginn awer fir de Rescht den Accord vun der DP-Fraktioun.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Arendt. Da ginn ech d'Wuert weider un den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President. An nach eng Kéier merci dem Här Margue fir deen dote Rapport an déi vill aner Rapporten, déi hien eis haut gemaach huet. A selbstverständlech ginn ech den Accord och vun der LSAP-Fraktioun.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An dann ass et um Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Jo, villmools merci, Här President. Och nach eng Kéier e Merci un den Här Margue. Ech mengen, déi Saach vum Verwaltungsgericht, déi ass wierklech ... Dat kann een net genuch ënnersträichen, wéi wichteg dat ass, well et ass engersäits jo am Interessi vum Justiciable – do si mer

eis jo eens –, mee et ass och interessant fir eis Ekonomie, well d'Justiz a wéi d'Justiz funktionéiert, och wéi séier se funktionéiert, net nëmmen hir Qualitéit, mee och d'Delaen, datt sinn alles Standuertvirdeeler. Dat muss een einfach och esou gesinn, datt et fir vill Entreprisë wichteg ass, datt, wa se Problemer hunn, se sech kënnen op e Justizapparat verloossen, dee séier schafft an op guddem Niveau schafft.

Dofir ass dat heiten och eppes, ënner villen aneren Ursachen, wat mir nëmme kënnen ënnerstëtzen, well, wéi gesot, souwuel fir de Justiciable wéi och am Gesamtinteressi vun eisem Land ass dat hei e ganz gudden Projet a mir droen e mat Freed mat. Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Villmools merci, Här Kartheiser. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci dem Charles Margue. An och mir droen et mat.

M. Fernand Etgen, Président | D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Justizministesch Sam Tanson.

Prise de position du Gouvernement

Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice | Jo, merci, Här President, fir dese Projet och nach ..., wou dann och vill Zoustëmmung ass. Et war jo haut insgesamt éischter gutt gaangen, vläicht net bei all Text, mee ech si wierklech ganz frou iwwer deen heite Projet an och frou, dass jiddwereen d'Necessitéit dovunner gesäit.

Dat eent ass d'Digitaliséierung vun eiser Justice. Jo, ob et elo Einhörner oder Kaweechelcher sinn, ...

(Hilarité)

... et ass effektiv eppes, wat laang dauert. Mee Dir wësst och – mir hunn dat jo scho méi wéi eng Kéier och an der Chamberskommission diskutéiert –: Et geet par étapes. Fir d'éischt huet de System op der Basis missen opgebaut ginn, eier de System kann no bausse an funktionéieren. An dat hei ass elo wierklech den éischte visibelen Deel vun der digitaler Justice no bausse, wou d'Affekote kënnen hei och hir Prozeduren digital handhaben. Et ass eng Testphas, an ech si ganz frou, dass d'Verwaltungsgericht och bereet war, mat op deen dote Wee ze goen, genau wéi och déi Affekoten, déi vill matgeschafft hunn, déi Etüden, déi eebe vill Contentieux administratif maachen, fir dass dat heiten iwwerhaupt méiglech ass.

Ech hu mer de System ugekuckt. Et ass ganz interessant, wéi dat funktionéiert. Et wäert viles méi liicht maachen an et ass eeben d'Dier opgemaach zu der Justice, wéi mer se an e puer Joer wäerten insgesamt an eisem System hunn, wou ee ganz viles just nach vum Büro aus kann héichlueden an dat dann och en temps réel um Gericht ukënn.

Dat anert, wat awer och extreem, extreem wichteg ass – an déi vun Iech, déi och schon Echangingen hate mam Verwaltungsgericht, déi wëssen dat –: Hei an der Chamber sinn iwwer déi lescht Jore konstant nei Kompetenzen bäikomm fir d'Verwaltungsgericht. Et ass awer net am gläiche Mooss beim Personal opgestockt ginn an et si Matière, déi ëmmer méi komplex ginn – et ass schon ugeklungen –, sief et bei de Steuerfroen, mee et ass och zum Beispill extreem vill Urbanismus dobäi, d'Asylfroen. Dat sinn alles ganz schwierig Dossierer, wou et wierklech gutt ass, wann et Magistrate sinn, déi héich spezialiséiert sinn. An duerfir eeben och – no Récksprouch natierlech, no Diskussioun mat dem Verwaltungsgericht – elo mol déi Propos, fir och déi spezialiséiert Chamberen anzeféieren, an eeben dann déi Schafung hei vun eelef Riichterposten um Verwaltungsgericht. Dat ass

e ganz wichtige Schrëtt fir d'Stärkung vun deser Institution.

Ech soen Iech Merci fir Är breet Zoustëmmung an ech sinn iwwerzeegt, dass se och um Verwaltungsgericht ganz frou sinn doriwwer, dass dat hei konnt esou gutt gestëmmt ginn. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools der Madamm Justizministesch Sam Tanson. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwer de Projet de loi 8109. Den Text steet am Document parlementaire 8109^o.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8109 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmege geholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue (par M. Jean-Marie Halsdorf), M. Georges Mischo (par M. Serge Wilmes), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Martine Hansen) et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Claude Lamberty) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton (par M. Yves Cruchten), Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

9. 8179 – Projet de loi portant modification de la loi du 21 mars 2006 sur les équipes communes d'enquête aux fins de transposition de la directive (UE) 2022/211 du Parlement européen et du Conseil du 16 février 2022 modifiant la décision-cadre 2002/465/JAI en ce qui concerne sa mise en conformité avec les règles de l'Union relatives à la protection des données à caractère personnel

Den nächste Punkt um Ordre du jour ass de Projet de loi 8179, d'Ëmsetzung vun enger europäescher Direktiv iwwer de Schutz vu perséinlechen Donnéeën. D'Justizkommission huet mam Accord unanime vun der Conférence des présidents decidéiert, den